adr

Groupe parlementaire

Dépôt: Tom Weidig

Lëtzebuerg, de 7. Mee 2024

5

**MOTIOUN**

HA au sujet de la posit° du gouvernement en matière d'énergie nucléaire

D'Chamber vun den Deputéierten:

erënnert drun, datt

- déi viregt Lëtzebuerger Regierung de 7. Juli 2022 annoncéiert hat, fir beim europäesche Geriichtshaff eng Plainte géint d'Integratioun vun Atomenergie an Äerdgas an d'EU-Taxonomie ze deposéieren, dat an engem Kontext vu konstant steigenden Energiepräisser;
- Éisträich am gläiche Kontext decidéiert hat, fir géint déi ergänzend delegéiert Veruerdnung zur EU-Taxonomie-Regulatioun ze kloen;
- d'Lëtzebuerger Regierung an hirer Äntwert op eng parlamentaresch Fro den 12. Oktober 2022 ugekënnegt hat, Éisträich an dëser Prozedur ze ënnerstëtzen, wat *de facto* bedeit huet, datt si net selwer géint déi mentionéiert Veruerdnung géif kloen;
- et schonns am Juli 2022 zu enger Ofstëmmung am Europäesche Parlament iwwer d'Taxonomie-Reegelung komm ass an datt sech keng Majoritéit fonnt hat, fir Asproch géint d'Entscheedung vun der EU-Kommissioun ze erhiewen;

ass sech bewosst, datt

- vill europäesch Länner, dorënner Holland, Schweden, Finnland, Tschechien a Frankräich, decidéiert hu fir d'Notzung vun der Atomenergie auszebauen an technologesch weiderzeentwéckelen, an dat mam Argument, fir nieft der $CO_2$-Reduktioun Elektrizitéit fir d'Bierger ze produzéieren an domat d'Versuergungssécherheet sécherzestellen;

fuerdert d'Regierung op,

- d'Decisioun vun der viregter Regierung, fir Éisträich bei senger Klo ze ënnerstëtzen, zeréckzezéien an d'Entscheedung vun der EU-Kommissioun an dem Europaparlament, fir Atomenergie an Äerdgas als nohalteg Energien anzestufen, ze akzeptéieren.

ADR – Groupe parlementaire 25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg Tel. : (+ 352) 463742

Tom Weidig

Tom Weidig